Der Erzbischof von Luxemburg

***Virwuert:*** och fir déi Erwuessen!

## Heemecht fannen

Léif Kanner,

Fir eis hei zu Lëtzebuerg ass et normal, dass mer een Dag iwwer dem Kapp hunn, en Heem dat eis Schutz a Sécherheet bidd. Mir si frou, dass mer mat Mënschen zesummeliewe kënnen bei deene mer eis opgehuewe fillen, bei deene mer eis doheem spieren.

Leider ass dat fir vill Mënschen op der Welt net de Fall. Et vergeet keen Dag, wou net Mënschen a villen Deeler vun der Äerd hiert Heem musse verloossen. Dir hutt méi wéi sécher op der Televisioun Biller gesinn vu Mënschen, déi op der Flucht sinn. Si hu missen hir Heemecht verloossen, well do Krich ass, oder well d'Aarmut esou grouss ass, dass se keng Chance hunn fir ze iwwerliewen. Si maachen sech op de Wee an eng ongewëss Zukunft, an dat ganz dacks ënner grousse Geforen. Esou hu dir garantéiert dervun héieren, dass zum Beispill Leit, déi probéiert hu mat Booter an Europa ze kommen, erdronk sinn.

Déijéineg, déi et besonnesch haart trefft, si wéi ëmmer d'Kanner. Mir ginn dervun aus, dass et der den Ament méi wéi 20 Millioune sinn. Net nëmmen, dass hiert eegent Liewen a Gefor ass, mee wa si duerch esou een Ongléck hir Elteren och nach verléieren, da stinn si ganz eleng do. No Deeg a Wochen op der Flucht kommen d'Kanner an hir Familljen dann a Flüchtlingslageren, wou d'Liewen fir si och net ganz einfach ass. An esou bleift de Wonsch fir eng definitiv Heemecht ze fannen. Zur Heemecht gehéiert sécher en Dag iwwer dem Kapp, mee mat Heemecht verbanne mer och Mënschen, déi ee gären hunn, bei deenen een sech ugeholl spiert, bei deenen ee kann esou sinn, wéi een ass.

Um Kannermissiounssonndeg dëst Joer wëlle mer ganz besonnesch un d'Kanner op der Flucht denken, ënnert hinnen d'Kanner am Flüchtlingslager Dzaleka am Malawi. Wann der beim Gebiet un är kleng Frënn a Nout denkt, a wann der fir si Sue spuert, da schenkt der hinnen domat konkret d'Hoffnung op Heemecht an dir weist hinnen och, dass den Härgott, fir dee jidderee wichteg ass, a bei dem mer eis all duerfen doheem spieren, si net am Stach léisst. Et gëtt kloer, dass dir zesumme mat all den anere Kanner vun deene verschiddene Kontinenter ganz vill fir är Komerodinnen a Komerode kënnt maachen, déi drop ugewise sinn, dass een do ass, den un si denkt an hinnen hëlleft.

An deem Sënn soen ech iech villmools Merci, dass dir ganz fläisseg bei der Aktioun vum Kannermissiounswierk och dëst Joer erëm mat maacht.

Lëtzebuerg um Fest vum Hl. Franz Xaver, den 3. Dezember 2013

+ Jean-Claude Hollerich

+Jean-Claude Hollerich
Äerzbëschof vu Lëtzebuerg

Tél.: (00352) 46 20 23 – Fax: (00352) 47 53 81 – E-Mail: jean-claude.hollerich@cathol.lu
Erzbistum Luxemburg – 4, rue Génistre – B.P. 419 – L-2014 Luxembourg